adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Am Staatsbudget sinn eng Rei "frais de voyage" virgesinn. Et fält op, datt d'Ministèren hei iwwer eng staark Autonomie beim Choix vun hirem Transportmëttel verfügen.

Duerfir géif ech dem Här Finanzminister gär des Froe stellen:

1) Op Basis vu wéi enge finanziellen, ekonomeschen, ekologeschen a pedagogesche (am Sënn vun der ëffentlecher Virbildfunktioun) Krittäre gëtt iwwer d'Transportmëttel bei Auslandsreese vu Ministeren an héije Beamten entscheet?
2) Kann de Minister en Tableau presentéieren, wéi oft, wéi ee Ministère wärend de Joren 2019 an 2020 op follgend Transportmëttel zeréckgegraff huet: Privatjets, ëffentlech Fluchlinnen, Reese am Zuch, Reese mat engem Déngschtwon?
3) Wéi ass am Sënn vum Steierzueler an dem sougenannte Klimaschutz séchergestallt, datt eng Rees nëmmen dann ugetruede gëtt, wa guer keng Méiglechkeet besteet, fir online un enger Reunioun deelzehuelen?
4) Kann den Här Minister elaboréiere, firwat d'Opträg fir Flich vu Regierungsmemberen net ausgeschriwwe ginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten